n° 3045

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/10/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bildung & Gläichheet tëscht Fraen a Männer weiderzeleeden.**

A menger Fro n°**2864** vum 21ten September, hat ech beim Här an der Madamm Ministeren nogefrot wéi et hei am Land mat Dresscoden an de Lycéeën ausgesäit. Ënnert anerem wollt ech wëssen, wéi vill Schoulen am Land ee Code Vestimentaire fixéiert hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Huet de Ministère Kenntnis doriwwer, wéi vill Schoulen een Dresscode hunn?

2. An der Äntwert op d'Fro n°2864 hunn d'Ministeren, ënnert Anerem, geschriwwen:

   > D'Rechter an d'Flichten aus dem Code de vie bezéien sech ausdrécklech a gläichermoossen op béid Geschlechter.

   No menger Fro hu verschidde lëtzebuergesch Medie beim Direkter vum Lycée nogefrot a Folgendes gemellt:

   > *Besonnesch fir jonk Meedercher wier dëst villäicht heiansdo néideg, well Si sech villäicht net bewosst wieren, wéi verschidden Tenue vun anere Leit opgeholl géifen. Ausserdeem, esou den Direkter, wiere mam "net weise vun der Ënnerwäsch" nach méi d'Jonge gemengt, bei deenen d'Boxe méi wéi nëmmen e bësse Vue op de Kalzong géifen zouloossen.*

   Deelt d'Regierung an dësem Sënn d'Opfaassung vum Direkter vum Dikrecher Lycée, wouno verschidden Deeler vum Code Vestimentaire, wéi zum Beispill d'net weise vun der Ënnerwäsch, dann dach awer méi ee Geschlecht viséieren ewéi een anert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a vun der Ministesch fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer op d'parlamentaresch Fro Nr. 3045 vum honorabelen Här Deputéierte Sven Clement**

Esou wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 2864 beschriwwen, entscheeden d'Lycéeën autonom, wéi eng Reegelen se sech fir d'Zesummeliewe vun der Schoulcommunautéit ginn. Den Educatiounsministère féiert an deem Sënn net Buch doriwwer, wéi eng Schoulen een "Dresscode" hunn a wéi eng net.

Dobäi ass ze betounen, datt de Passage iwwer déi vestimentaire Reegelen am Lycée classique de Diekirch (LCD) nëmmen een Deel vum Code de vie sinn. Dëse stellt engersäits eng Rei vu Reegelen op an anerersäits d'Rechter an d'Flichte vun de Membere vun der Schoulgemeinschaft. E gouf vum Conseil d'éducation als representative Gremium vun der Schoulgemeinschaft ugeholl.

De Passage, deen d'Kleeder am Code vum Lycée classique de Diekirch betrëfft, ass ausdrécklech neutral gehalen a viséiert kee spezifescht Geschlecht.